Wéi ech dunn erwächt sinn a rondëm mech gekuckt hunn, war kee méi do, déi den Dag virdrun matgefuer waren, mat Ausnahm vum Belsch, deen nach an engem Eck geronkt huet. Ech duecht déi konnten nit méi leien a sinn bis of an den Haff gaang. Ech hunn de Belsch ronke gelooss, hu meng Decken iwver d'Schëller gehaang a sinn d'Trap erof getrëppelt.

Op där grousser Plaz datselwecht Bild wéi den Dag virdrun, dausende Leit waren do versammelt, di eng souzen, di aner louchen, an nach anerer stongen a Gruppen an hunn diskutéiert. Ech sinn eng Stonn laang ronderëm getrëppelt, mä ech hu weder eise Bus nach een vun deenen gesinn, déi bei äis waren.

An deem Gewulls vu Leit hunn ech d'Hoffnung opginn, fir nach een rëmfefannen an hu mech entschloss, fir an Eger ze goen a mech do den Amerikaner ze stellen. Ech konnt de Risiko nit agoen fir laang dorëmmer ze trëppelen, ouni dat meng Wonn sollt behandelt ginn.

Verwundetenabzeichen ausgestallt zu Stralsund

B e s i t z z e u g n i s

Dem

Johann Thill, Grenadier
(Name, Dienstgrad)

5./ Gren. Regt. 24
(Truppenteil, Dienststelle)

ist auf Grund

seiner am 26.2.1945 erlittenen

einmaligen Verwundung

das

Verwundetenabzeichen

in Schwarz

verliehen worden.

Stralsund, den 24. März 1945

[Handwritten Signature]

(Unterschrift)

Oberstabsarzt

(Dienstgrad und Dienststelle)

Heeres-Reserve-Lazarett Stralsund



Ech war schon e gutt Stéck an d' Stad Eger ran, wéi ech op eng Kräizung kouw, a wien stong do: „d'Luftwaffenhelferinnen» aus dem Bus, iewer ouni dat Lëtzeburger Meedchen. Ech frot se dunn wat si dann elo wëlles hätten. „Mir stinn hei ze waarden an hoffen datt eise Bus rëm hei laanscht fiert» soten se. Si waren mam Bus op d'amerikanesch Kommandatur fir Pabeieren ze kréien, fir kënne virun ze fueren. Dat war keng sou eng schlecht Noriicht, ech sinn dunn bei hinne bliwwen an hu mat hinnen zesumme gewaart. Mir hunn eng Véierelstonn gewaart, eng Hallefstonn, ech gouf ëmmer méi midd a méi schwaach, ech war um Punkt fir ze kapituléieren, wéi op emol e staarkt Gebrumms ze héieren war. Scho kouw de Bus, eise Bus mat deem groussen franséischen Fändel virdrop, ëm den Eck gefuer.

Et gött Momenter am Liewen wou een seng Freed am léifsten géif rausjäitzen, Momenter déi een säin Liewen laang nit vergësst, an sou war et mir och

hei, wéi den Bus rëm do war. Wéi mer dunn an de Bus geklomm sinn, konnt ech feststellen datt mer rëm all beieneen waren, all d'Maansleit an Zivilkleeder, och dat lëtzeburger Meedchen war dobäi, just de Belsch huet gefeelt. Meng Eegeninitiativ fir d'Lager ze verloossen an an d'Stad Eger ze goen war deemno goldrichteg. Ech gleewen nit, dat si nach emol an d'Lager ragefuer wiren fir no mir ze sichen a mech matzehuelen. Dat huet mech stutzeg gemaach a meng Zweifelen un der Busgesellschaft sollten sech spéider bestätegen.

Eisem Busmanager war et also gelongen, fir bei den Amerikaner e Laissez-passer ze kréien fir virun ze fueren. Dobäi gouf de Bus frësch opgetankt an et gouf dat Noutwendegst vu Proviant fir d'Leit. Eis Faart gong virun duerch d'Fichtelgebirge, iwwer Bayreuth bis op Bamberg. D'Pabeieren hunn ausgewisen, dat mir nëmme konnten bis Amberg fueren. Hei gong rëm een anere Sektor un vun der amerikanescher Besatzungsarméi, wou een dann och rëm frësch Pabeieren huet missen hunn. De Bus ass iwwer d'Landstrooss getuckert, et war schéint sonnegt Wieder, jo, et huet e gemengt, d'Natur géif och spiren datt mer endlech rëm Fridden hunn. Et war och op deser Streck wou eis éischt Fuergäschtt äis verlooss hunn. Ech kouw net méi aus dem Staunen eraus: op deene verschiddenste Plazen huet de Bus stallgehal an huet een oder zwéin vun de Passagéier rausgelooss. mat engem „Auf Wiedersehn, macht's gut» hun s'äis verlooss. Lo wouss ech, firwat dat déi Zivilisten nit geschwat hunn: Et waren lauter Preisen, déi de „Waffenrock» mat Zivilkleeder vertosch haten a sinn als Fransousen mat iwwer d'Grenz gefuer, fir sech dunn an Däitschland kënnen ofzesetzen.

Ech duecht bei mir, dir houere Preisen, virun engem Mount hu se nach „Heil Hitler» gejaut, haut genéieren se sech nit fir ënnert dem franséische Fändel d'russesch Demarkatiounslinn ze passéieren an heemzefueren. An dach, d'Iddi mat der Busorganisatioun kouw vun hinnen an ech hat d'Chance fir kënnen dovun ze profitéieren a glécklech heemzekommen. Wéi schon virdrun bemierkt, vu Bamberg aus ass rëm eng nei Etapp ugaangen an huet äis iwwer Schweinfurt bis op Würzburg gefouert. Ënnerwee hu mer an enger

Scheier iwernuecht. Ech muss awer och nach dat heite soen, ech sinn während der ganzer Faart gutt behandelt ginn, besonnesch iewer vum Dokter a vum lëtzebuenger Meedchen. Gouf et eppes z'iessen, ech krut als Schwéiervedonden ëmmer fir d'éischt, e Schloflager krut ech ëmmer aus Stréi gemeet an där Saachen nach méi. De Laissez-passer, deen äis zu Bamberg ausgestallt gouf, huet äis bis op Würzburg gefouert an hei war Schluss mat der Faart.

Do war e groust internationalt Lager fir Ausländer, souzesoen eng Opfangstatioun, dat vum Militär vun den „Westmächte« verwalt gouf. Di eenzeg Ausländer, déi aus dem Bus geklomm sinn, war eng hollännesch Koppel, e franséischen Gefaangenen a meng Wéinegkeet, dat anert waren lauter Preisen, bis op dat lëtzebuenger Meedchen an den Elsässer. „Ech ginn nit mat an d'Lager« sot dat Päreler Meedchen, „ech fuere bei meng Tata op Kassel«. Domat huet et seng „Däitschfrëndlechkeet« bewisen a meng Ufangsmeenung bestäetgt, dat et preisesch wier.



Mat verwondten Komeroden am Lazarett zu Reims

Ech hat nach ëmmer dee lästegen „Waffenrock« un, sou sinn ech an d'Lager marschéiert, an zwar gläich op d'Kommandatur. E franséischen Offizier huet mech gläich verhéiert, wou ech hierkéim, wat fir

eng Nationalitéit ech hätt. Wéi en d'Wuert Lëtzebuerg héieren huet a gemengt huet, d'Lëtzebuenger wiren nit am Lager stationéiert, do huet een aneren Offizier iewer gesot, d'Lëtzebuenger wiren mat de Belsch zesummen an hätten een Zëmmer fir sech. Wéi ech de Pass gefrot krut, war ech schlecht drun. De lëtzebuenger Pass hat ech schon den éischten Dag un der Front verluer. Den Offizier huet sech, nodeem en mäin Soldbuch gekuckt hat, zefridde ginn. Hien huet mech bekuckt a sot „vous êtes blessé, donc allez à la Croix Rouge«. En huet mer d'Gebei beschriwwen an de Wee, wéi ech dohinner kéim, wat ech och gläich gemeet hunn. Wéi ech d'Dier vun der sougenannter Croix Rouge opgemeet hunn, krut ech bal e Schlag.

Am Sall hunn ech nëmmen Kazettler gesinn, Leit an hiren Sträflingsuniformen, ech selwer hu mer erlaabt a preisescher Militäruniform hei unzetrieden. Goureg, auserhéngert hunn di meescht ausgesinn, just d'Schanken an d'Haut hu se nach zesummegehal. Eng eeler Fräichen koum op mech duer an huet ganz frëndlech gefrot wien ech wir,

wou ech hirkéim, wat fir eng Nationalitéit ech hätt an sou weider. Wéi ech gesot hunn ech wir Lëtzebuenger, du gong den Zodi lass. Hannen am Eck huet eng kreesch geden: „E Lëtzebuenger an der preisescher Gromperegeleefsuniform, dat gëtt et dach nit, sot, waart dir fräiwëlleg bei den Preisen, an iwverhaapt, wou sidd dir hir aus Lëtzebuerg«. Wéi ech gesot hunn ech wier vu Schieren, wat mir am Krich alles matgemeet hunn, dat 6 Joergäng vun de lëtzebuenger Jongen bei den Preisen an d'Wehrmacht gezwongen goufen, dunn huet d'Fra an engem ganz aneren Toun mir hirt Leed geklot. Si wir Lëtzebuengerin a wir am Elsass mat engem Fransous bestued, hir Schwëster, wéi den Zoufall et wëllt, ass zu Schieren bestued mat dem Leeëndecker Heiderscheid. Dat hat gedéngt, nodeem jiddereen deem aneren säi Misär


verzielt hat, huet de Jang mol eppes Ordentleches z'iessen kritt, an zwar Biffdeck, Fritten an Zalot. Ech sollt aus alle Wolléke falen, datt et dat scho géif, mä ech hu mer et gutt schmaache gelooss an de Misär ronderëm mech vergiess.

Wéi ech mech un deem neie Menu gutt regaléiert hat, koum di eeler Frächen rëm getréppelt an huet gemengt, wann ech näischt dergéint hätt, mir Zivilkleeder sichen ze goen. Ech war glécklech, fir dat ze héieren, well di preisesch Uniform louch mer nach ëmmer um Mo. Gläich drop koum d'Frächen rëm mat enger Box, engem Hiem an engem Pullover, alles nei an et huet gepasst wéi d'Fauscht op d'A. Ech hätt kënnen jätzen vu Freed, wéi ech dat alles unhat a mech rëm sou richtig als Mënsch, als Zivilist gefillt hunn. Den Dortoir war iwwerfëllt mat Kazettler, sou dat keng Plaz méi blouf fir mech. Ech hu mech dunn op d'Sich gemeet no der lëtzebuurger Delegatioun, déi bekanntlech bei de Belsch ënnerbruecht war. Ech war frou wéi ech ouni Schwieregkeet eis Lëtzebuurger fonnt hunn. Si waren zu enger gudder Dozen déi sech zesummen een Zëmmer an e Buedzëmmer gedeelt hunn. Ech war glécklech fir rëm kënnen lëtzebuergesch ze héieren an ze schwätzen.

Wéi mer äis du virgestallt hunn, huet et sech rausgestallt dat de Chef d'Equipe de Lahr Eugène wir. De Lahr Eugène war een ale Schierener, deem säin Papp am Krich 14-18 d'Verdeelung vun de Liewensmëttele gemaach huet. Ech hunn den Eugène a seng Famill all Joer op Allerhelljendag um Kirfecht begéint, hirt Graf, wat haut der Famill Betzen gehéiert, louch virun eisem. D'Nimm vun deenen aneren hun ech nit verhal bis op de Masson's Lull, fréiere Schäffen vun der Gemeng Déifferdeng. Zwéin Deeg hu mer hei gehaust bis e Convoi zesummegehallt war an den Eugène gréng Luucht ginn huet fir an den Zuch ze klammen.

Lo duerfe mer äis den Zuch nit als Persounenzuch mat Sätzplazen virstellen, en huet éischter engem Marchandisezuch geglach wéi mer en als Bouwe genannt hunn. D'Wagonen goufen ënner di verschidden Delegatiounen an Natiounen opgedeelt, sou dat mir e Wagon fir äis kruten, deen äis glécklech

a frou vu Würzburg no Lëtzebuerg an d'Fräiheet zrëckgefouert huet. Ech krut, als Schwéiervorwondten, an engem Eck e Lager installéiert, wou ech mer et sou gutt wéi et gong gemittlech gemeet hunn. D'Wieder war gutt, d'Sonn huet geschéngt, et war waarm sou



Lenks: Erkennungsmarke
5347: Erkennungsnummer
A: Blutgrupp
StmKp: Stammkompanie
G.E.B.2: Genesungsersatzbataillon

Rechts: De Splitter aus dem Thills Jang
sénger Schëller an Originalgréisst

dat mir konnten d'Paart vum Wagon oploossen fir och e wéineg d'Natur ze genéissen.

Zu Diddenhewen gouf den Zuch opgedeelt an all Delegatioun ass fir sech heemgefueer. Eng Lokomotiv ënner kräftegem Damp huet schon op äis gewaart, sou och de Machinist a säin Heizer, déi an der Fënster louchen a mat guddem Appetit an eng Schmier vu wäissem Brout gebass hunn. Et war dat eischt wäisst Brout wat ech zënter laangem gesinn hunn. Mir hunn am Wagon Plaz geholl an d'Faart gong virun op Betebuerg zou. De Perron an d'Plaz virun der Gare zu Betebuerg stonge voller Leit, wahrscheinlech war eist Kommen am virus gemellt ginn, an och wien alles dobäi wier bei deenen déi heemkoumen. D'Resistenz an d'Miliz hu missten um Courant geweecht sinn, well soubal wéi de Wagon stong, sinn der zwéin vun der Miliz rageklomm an hunn e vun de jonken Kärelen erwëscht. Hei gong et lass, si hunn de Jong

zerschloen wéi een Nësssak, a well am Wagon nit genuch Plaz war, hu si en virdrun gestallt; hei gong et virun, louch en ënner dem Wagon, hu se n'en rëm rausgezunn a viru gong de Spektakel bis se

heen, bluddeg wéi e war, nees an de Wagon gehäit hunn. Mir haten keng Anung wat lass wier, an hunn äis gefrot, op äis datselwecht an der Stad géng passéieren.



Mat verwondten Komeroden am Lazarett zu Reims

Egal wat de Mann gestiicht hat, (nodréiglech hu mer héieren, datt e fräiwëlleg war), d'Miliz hat kee Recht en sou ze zerschloen, zemol viru Leit déi aus dem Misär heemkoumen a gemengt hunn, déi preisesch Methoden hätten hirt Enn fonnt. Et ass vill iwwer den leschten Krich geschriwwe ginn, iewer d'Geschicht ass nitt komplett, wann näischt geschriwwe gëtt wat nom Krich alles geschitt ass. Zu Lëtzebuerg ukomm, gouf et deesewelweschte Scenario, mä méi gemelleg. D'Miliz ass gläich an de Wagon komm, huet een vun äis mam Wéckel geholl an ofgefouert. De Rescht vun äis gouf dunn vun de Jofferen vum Roude Kräiz mat Zigaretten a Schokela emfaang. d'Begréissung gouf et vu riets a lénks an ech hunn alt ëmmer gehofft, deesewelweschten Owend nach heemzekommen, well et war Nokiirmes. Jo, ech war ganz niddergeschloen, wéi zwéin Infirmieren mech mat der Ambulanz an

d'Zithaklinik gefouert hunn. Ech hunn um drëtte Stack mat engem Mann vu Wolz een Zëmmer gedeelt. Hien hat d'Been gebrach an gouf nit anescht genannt wéi de „Mann vu Wolz«. Hien war och deem, dee mir e Blad Pabeier an e Bläistëft ginn huet, fir meng Famill zu Schieren ze benoriichtegen.

D'Land hat vill gelidden an den Telefon huet nach nit funktionnéiert. Eng Tata vu mir, d'Madame Marechen Muller-Jaminet, hat op der Gare mäin Numm op der Lëscht vun de leschten „Heimkehrer« gesinn a koum mech nomëttes deem aneren Dag scho besichen. Si hat an der Zwëschenzäit hire Fils, de Marcel, mam Velo vun der Stad op Schieren geschéckt, fir ménge Leit di gutt Noriicht z'iwwerbréngen, ofgesinn vu ménger Wonn. Deem anere Moien koum mäi Papp, eise Pier, an de Monni Jacques, no mir kucken. D'Freed bei äis alleguer

war onbeschreiblech, mä de verhandste Kierper huet dach e battere Bäigeschmaach ginn. D'Mamm ass am Nomëtteg komm, si huet gekrasch a gekrasch, si konnt einfach nit gleewen, datt hire Jong denn si mat 17 Joer an de verhaassten Arbeitsdienst geschéckt huet, sou schwéier blesséiert rëm heemkënn.

Engersäits war d'Freed do, dat ech rëmkomm sinn, anerersäits huet d'Wiirkung vun der blesséierter Schëller äis ze denken ginn, obschon ech d'Méiglechkeet hat fir doduerch rëm glécklech heemzekommen; och de Besuch vun Bekannten a Frënn vu Schieren huet mech spire gelooss, dat ech nees doheem wir. Mäin Openthalt an der Zithaklinik huet 14 Deeg gedauert, mä leider huet de medezineschen Traitement mir nit gefall. D'Preisen hate mir den Stuka ausgedoen an den Arem an eng Schléng gehaangen. D'Lëtzebuenger hu mir dat Leitsgeheier rëm ugedoen, wat eng Schmot fir mech war. No 14 Deeg, wéi gesot, sinn ech vu Lëtzebuerg mam Zuch a mam Stuka op Kolmer-Bierg gefuer a vu do zu Fouss op Schieren gaang. Ech war frou, fir d'Duerfhäiser vu Schieren rëmzege sinn.

De franséischen Offizéier hat Recht, d'Grenzen vun der Rundstedtoffensiv si just laanscht Schieren gannge, d'Uelzecht huet d'Grenz gemeet. D'Häerz huet engem gegluckt datt een rëm konnt doheem bei der Mamm an der Famillje sinn. Frou, datt e konnt d'Krankestuff, wou et gewéinlech no Eeter a Blutt geroch huet, verloossen, an rëm konnt mat de klengen Zëmmeren am gemittlechen Heemechts-haus vertauschen. De Misär, deen de Krich am Duerf hannerlooss hat, hunn och Frënn a Bekannter mir nodréiglech matgedeelt an et huet nach laang gedauert, ier d'Wonne vum Krich geheelt waren. Obschon ech mech gefreet hunn, doheem ze sinn, huet de Stuka, dat Gestell fir d'Schëller ze hiewen, mir vill Misär gemeet. Iwwerall ass e widdergestouss, an nuets woussst een nitt, wéi een sech sollt dréinen a kéieren fir kënnen ze schlofen.

Dobäi huet d'Mamm missen all Dag meng Wonnen pléischteren, si hat dat nitt geléiert, mä eng „Hëllef Doheem« huet déi Zäit nach nitt bestaane, si huet och hei missen an de saueren Apel bäissen. D'Knachesplitteren hu sech och no an no bemierkbar gemeet; dann sinn ech an d'Zithaklinik gefuer

wou den Dokter Molitor mir se dann rausoperéiert huet. Wéi gesot, de Stuka huet méi gehënnert wéi en gedingt huet, dat huet d'Klinik och agesinn, sou datt ech dat Gehäis och rëm wechgeholl krut. Sou war ech heiheem an iewer geplot, bis de Papp enges Dags vum Schaffe koum an äis gesot huet datt di schwéierverwond lëtzebuenger Jongen kënn an den amerikaneschen Spideeler hir Wonnen kuréieren loossen.

Et waren nëmmen véier leit, déi des Organisatioun an d'Wee geleet hunn; et waren dest: De Colonel Frazer, amerikaneschen Vertrieeder beim Haff, de Guill Konsbruck, déizäitege Minister, den Albert Steil, President vun der Ligue „Ons Jongen« an den Zäindoktor René Schroeder. Ech sinn, mat mengem Papp zesummen, an d'Ligue bei den Steil Abbes gaangen fir Kontakt opzehuelen mat der genannter Organisatioun. Meng Blessuren hunn genuch ausgewisen, sou datt ech keng Schwierigkeet hat fir matzegoen. Kuurz Zäit drop sinn ech mat zwéin aner schwéierhandikapéiert Jongen mat engem Routkräiz-Won vun der Arméi op Bar-le-Duc an een amerikanescht Lazarett gefuer.

Dest war rëm e neit Gebitt fir mech, well ech di amerikanesch Mentalitéit nach nitt kann hunn, un déi mir äis iewer séier gewinnt hunn. Fir unzufänken goufe mir agekleed, d.h. mir hunn d'Zivilkleeder, fein an eng Valiss gepaakt, ofgeliwwert, an e Pyjama, mat der Robe de chambre dobäi, rëm ugedoen. Dest war dann och souwisou eis Uniform sou laang wéi mir an den amerikaneschen Lazarett a Frankräich waren. Wann ech gemengt hat, d'Amerikaner géife mech operéieren, dann hat ech mech geiirt. bei der Ënnersuchung vu menger Wonn hu se festgestallt dat eng Operatioun iwweerflësseg wir. Ech hunn duerfir all Owes eng Pique gemeet kruut mat Penicillin an no engem Mount hu et opgehal mat eeteren an d'Wonn ass ëmmer méi zougeheelt.

Een amerikaneschen Zaldot vun indianescher Ofstamung, een Infirmier, huet mir ëmmer d'Pique verpasst; et war nit ganz agreabel, well d'Nole waren nit sou fein wi haut. De Kascht war gutt, d'Bett war gutt, jee mir kruuten diselwecht Behandlung wéi di amerikanesch Zaldoten, an déi war nit schlecht.



Mat verwondten Komeroden am Lazarett zu Reims

Mir haten eng gudd Komerodschaft, et gouf vill gelaacht a gegeckst, dat wat mir laang vermësst haten. Nit nëmme de Kierper gouf hei kuréiert, jiddereen hat säin Bobo, mä och d'Moral huet jiddereen rëmfonnt. Och ech war moralesch gestierkt, wéi ech am Oktober 1945 hunn dierfen heemfuere. Meng Wonn war geheelt, den Eeter war verschwonn an ech konnt den ënneschten Deel vum Arem rëm gebrauchen. Sou goufen d'Kierperwonne lues a lues geheelt, mee d'Krichswonne hu sech nach laang bemierkbar gemeet. Mat de Krichsjoeren sinn och eis Jugendjoeren verschwonne a jiddereen huet versicht säi Schued op seng Manéier auszegläichen. Sou och de Kierperschued, et konnt een nit dobäi stoe bleiwen, d'Liewen gong virun. Duerfir soll een sech als Konklusioun vun engem Handicap dat heite virun An halen: Nit deem nozeträueren wat äis verluer gang ass, mee op deem opzebauen wat äis erhale blouf.

Ausklank

Mat dësem Artikel geet och eis Serie zu Enn, wou déi Zwangsrekrutéiert, déi wollten a konnten, hir

Erliewnisser beschriwwen hunn. Mir soen hinnen villmols merci dat si äis hir Erënnerungen a Fotoën zur Verfügung gestallt hunn, fir des eemoleg Dokumentatioun zesummenzestellen. Dobäi war et erstaunlech un wéivill Detailer déi Hären sech nach no méi wi 55 Joer erënnert hunn.

D'Enn vun dëser Serie fällt awer och zesummen mat engem kruzialen Moment vun der Weltgeschichte wou rëm d'Menace vun engem Krich an der Luucht hängt. Wann des Serie alt nëmme dozou bäidréit, dat deen een oder aneren deen lo nach dëse Krich als eenzeg Léisung ugesäit, seng Meenung revidéiert, dann hunn d'Strapazen an d'Qualen déi d'Schierener Zwangsrekrutéiert op sech geholl hunn, alt schon eppes Guddes bewierkt.

Nach e puer Wuert an eegener Saach: Mir géifen et begrëissen wa mer niewt der Serie iwuer d'Zwangsrekrutéiert och nach Dokumentatioun oder Fotoën kréichen iwuer dat wat sech an de Krichsjoeren hei zu Schieren zougedroen huet. Wann Dir wëllt dat esou eppes am Louis publizéiert gett, dann kontaktéiert een vun eisem Redaktiounscomité. Mir soen Iech am viraus schon villmols merci.

GROUSS BOTZ ZU SCHIEREN



D'Gemengeverwaltung hat fir Samsdes, den 22. Mäerz, een Opruff un d'Veräiner an d'Gemengekommissiune gemeet, sech un der Ouschterbotz laanscht eis Weeër a Stroossen ze bedeelegen. Et hate sech och erëm dëst Joer genug Fräiwëlleger an d'6.Schouljoer mam Här Kempa ëm 9.00 Auer beim Pompjeesbau versammelt.

No der Andeelung vun den Ekippen an de Strecke souwéi dem Versuerge mat Plastikstuten, hu mer eis op de Wee gemeet. Den Transport vun de Leit op déi jeweilig Ausgangspunkter an d'Asammele vum Dreck

ware wéi ëmmer eis Pompjeeën zoustänneg. Iwwerdeems déi eng dat agesammelt, wat am Laf vun dene leschten 12 Méint manner Ëmweltbewosster hannerlooss hunn, huet d'Amiperas sech an der Vollekskichen ëm dat leiblecht Wuel gesuert, an l'erzebulli, Penne, e Stéck Taart a Kaffi präparéiert an zerwéiert.

Et muss ee sech ëmmer erëm wonnere wat sou alles vu rücksichtslosen Autofuerer iwwert dem Fueren u Fläschen asw aus den Autoen erausgeworf gëtt. Ganz Dichteher haten ët suguer fäerdig bruecht 5 voll Dreckstute beim Wee an d'Stangelbach ze geheien.

Neiegkeeten vun der Jugend

..... alle Jahre wieder

Eischt Aktivitéit vun der Jugend am Joer 2003 war d'Krëschtbeemercherssammlung am Januar. Mir haten et erëm eemol

färdeg bruecht, gutt 15 Memberen ze mobiliséieren. Vun 2 bis 5 si mir duerch d'Stroosse gezunn



an hunn duerno d'Beemercher iwwert der Nordstrooss verbrannt. Déi traditionell Fläsch Cola huet dobei natierlech net duerfen feelen. Ee grouse Merci also un all d'Memberen a ganz speziell och un de Roger Stelmes, eisen Trakteurschauffeur.

Op deem Wee wëlle mir eis dann elo och bei de Schiereener Leit bedanken, déi sech dest Joer esou zueräich op eisem Flantessebal afond hunn, a bis 5 vir 3 bei eis gefeiert hunn.

KANNERFUESEND ZU SCHIEREN

Och dest Joer waren eis Schoulkanner erëm Fettendoneschdeg zesummen um Tour fir heeschen ze goen.

Op Initiativ vun der Elterenvereenegung haten déi Grouss aus dem 6.ten Schouljoer sech d'Responsabilitéit dest Joer fir d'éischt mat e puer Mammen gedeelt.



Vun der Elterenvereenegung war och déi flott Iddi vun engem Kannerfuesbal op Fuesméindeg erëm opgeholl ginn.

Och hei war eng gutt Ambiance ënnert deene klengen Fuesboken.

Schierener Pompjeeën Héichwaasser, Generalversammlung a Buergebrennen

Héichwaasser



Direkt den éischten Dag am neien Joer 2003 woren d'Pompjeeën am Asaz. Am fréien Owend goufen d'Pompjeeën duerch de Piepsert op een Asaz geruff. Duerch de staarke Schloreen konnt ee Gulli an der Rue des Jardins d'Waasser nit opfänken. D'Pompjeeën hunn d'Waasser mat enger Pompel op d'Hauptstrooss erop an een anere Gulli gepompelt an de verstoppte Gulli séier gebotzt, well se op eng aner Plaz geruff goufen.

Dat nit nëmmen déi Schierener Pompjeeën am Asaz woren, dat konnt een duerch de Funk matkréien. An der ganzer Géigend an driwwer eraus woren d'Pompjeeën eraus.

An engem Haus bei der Schoul ass d'Waasser an de Keller gelaf. D'Waasser koum aus de Quellen, déi an der Wiss ënnert der Rue Peusch sinn an duerch de deeglaange Reen geféllt goufen. Hei woren zwou elektresch Pompelen am Asaz, déi zesumme 1600 Liter pro Minutt gepompelt hunn. Et gung drëm, fir d'Waasser aus der Wiss, dat zu engem klengen Séi gewues war, laanscht d'Haiser an de Gulli an der Cité St-Blaise ze förderen.

Wéi hei d'Aarbecht souwäit fäerdeg wor, hunn d'Pompjeeën een Tour duerch d'Duerf gemeet fir ze kucken, wou nach eppes wier. Beim alen Tipp huet jidderee sech gewonnen, wéi d'Kiselbaach gewues war. Mais dat wor nach nit alles. Aus dem Bësch koum eng regelrecht Baach eraus a mat hir Bulli, Äscht a Steng. D'Waasser ass op den zwou Säfte vun der Bréck an d'Kiselbaach eragelaf.

Den Dag duerno ass rëm (eppes viru 15 Auer) de Piepsert gang. Jidderee konnt sech denken wat ët wier. Mat

grousser Opmierksamkeet goufen d'Noriichten an d'Wiederprevisiounen gelauschert. Sandsäck hunn misse geféllt ginn a bei de Picadilly op Colmer-Bierg gefouert ginn. D'Uelzecht wor weider amgang ze steigen. D'Leit woren hëllefsbereet a si hunn d'Sandsäck selwer op déi richtig Plaz getesselt, no deem d'Sandsäck geliwert goufen.

Duerno gung ët weider op Welsduerf. Mat der Hëllef vun den Ettelbrécker Pompjeeën hirem Boot ass eng Persoun op d'Mille gefouert ginn. Zu deem Zäitpunkt ass ët just duergang fir mat de Pompjesween duerch d'Atert ze fueren. D'Atert huet zu Colmer de ganze Stréech hannert der Eisebunn Richtung Schlass iwwerschwenkt. Nodeem d'Boot ënnerwee wor, sinn déi aner Pompjeeën op Ettelbréck hannert d'Schluechthaus gefuer, fir d'Boot mat de Pompjeeën rëm opzelueden. D'Stréimung wor ze staark an de Risiko ze grouss fir erëm zrëck op Welsduerf ze fueren.

No dëser Aventure gung ët zrëck an de Pompjesbau, wou an der Tëschenzäit aner Pompjeeën, déi bis dohin geschafft hunn, gewaart hunn. Déi Schierener Pompjeeën sollten asazbereet bleiwen, wann d'Situatioun zu Angelduerf oder Ettelbréck sech verschlëmmere sollt.



Am Pompjesbau gouf ët eppes z'iessen an eng Ekipp ass bei den Terrain gefuer fir do d'Buvette mat Sandsäck ofzedichten. Duerno gung ët weider Richtung Schrondeweiler fir ee Gulli fräizemaachen. Well deem zou wor, huet d'Waasser op der Strooss gestaut an ët hätt nit laang gedauert, bis dës Strooss gespaart misst ginn. D'Waasser mam Bulli, Buedem an décke Steng koum aus de Felder eraus.



Deen Dag ass et och rëm bei d'Schoul gaang fir ze kucken, wéi do d'Situatioun wier. Hei gouf nach eng Kéier gepompelt.

Nodeem jiddereen rëm am Pompjesbau wor, ass eng Ekip op Angelduerf gefuer fir do ze hëllefen. Do hu se gehollef pompelen a Sandsäck op d'Héichwaassermauer tesselen. Et ass awer just duergang: 2 Zentimeter méi, an d'Sauer wier iwver d'Héichwaassermauer eriwergelaf. Eng weider Gefor wor am ënneschten Deel vum Duerf. Hei ass gefaart ginn, dat d'Waasser „hannerondrëm« an den ieweschten Deel vum Duerf kënt laafen, wëll do d'Héichwaassermauer nach nit fäerdeg war. Dës Ekip huet mat anere Pompjeeën aus der Géigend bis mueres fréi duergehal.

Den drëtten Dag vum Héichwaasser wor och de Leschten. Em Mëtteg huet de Piepsert techneschen Asaz geruff. Dat huet nit geheescht fir iessen ze goen mais d'Strooss fräi ze maachen. An der Schlaed war ee Bam an d'Strooss gefall. Nodeem de Bam geraumt ginn ass, lungen um Wee fir an de Pompjesbau nach zwee Beem an der Strooss. Bei deene Pompjeeën, déi di ganz Nuecht zu Angelduerf am Asaz woren, konnt een d'Middegkeet gutt erkennen.

Am Nomëtteg, um 15 Auer, ass et rëm op Angelduerf gaang. D'Waasser ass zrëck gaang an elo stungen Opraumaarbechten um Programm. Dozou gehéieren d'Schläich a Pompelen apacken an och d'Stroosse botzen.

Mais éier zu Angelduerf ugerappt ginn ass, huet nach eng Aufgab zu Schieren gewaart. An engem Keller an der Rue de la Gare huet d'Kellerpompel nit méi richtig funktionnéiert. D'Waasser hat sech hei gesammelt a mat Hëllef vun de Pompjeeën ass d'Waasser ausgepompelt ginn. An der Tëschenzäit gouf déi fest installéiert Pompel gefléckt an huet duerno hiren Dingscht rëm geleescht.

Am Pompjesbau gouf d'Material an d'Reih gesat. Et weess een nie, wéini den nächsten Asaz ass. Wann ee verschidde midd Pompjeeën an dësen Deeg gesinn hat, da war dat duerch déi vill Stonnen, déi si fir hir Matbierger am Asaz woren, siew et zu Schieren oder iwver d'Gemengegrenzen eraus.



Generalversammlung den 18. Januar

Zwo Woche méi spéit wor d'Generalversammlung am neie Festsall, wou de Bilan iwwer d'Joer 2002 gemeet gouf. Ugefaang huet d'Versammlung mat enger Gedenkminutt un de verstuerwene Grënnungsmember vun de Jugendpompjeeën Jos Garson.

D'Begréissung huet de Kommandant Aly Lamborelle gemeet, den Tätigkeetsbericht huet Christiane Zanier-Ebel virgedroen, d'Finanzen huet den Alex van der Meer

presentéiert, den Übungsbericht huet den Jerry Garson virgelees an d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën huet den Jugendleeder Tom Gries virgestallt.

Am Ganze waren ët 41 Asätz, bei deenen am ganzen 287 Pompjeeën während 460 Stonnen am Asaz woren.

Vun den 41 Asätz woren 6 Brandasätz a 35 technesch Asätz, déi an de folgenden Tabellen am Detail erkläert sinn:

Technische Einsätze	Anzahl:
1 Auslaufen von Mineralöl	4
2 Auslaufen von Säuren oder Laugen	
3 Ausströmen von Gasen oder Dämpfen	
4 Autobusunglück	
5 Befreiung von Menschen aus Notlage	1
6 Bergung von Menschen	1
7 Bergung von Toten	
8 Bergung eingeklemmter Menschen	
9 Bergung toter Tiere	
10 Bergung von Kraftfahrzeugen	1
11 Bergung sonstiger Güter	
12 Bienen, Hummeln, Wespen	6
13 Blinder Alarm	
14 Einsturz von Bauwerken	
15 Eisenbahnunglück	
16 Dambruch oder Dammsicherung	
17 Elszapfen	
18 Elektro-unfall	
19 Erd oder Felsrutsch	
20 Explosion (ohne Brand)	
21 Flugzeugabsturz (ohne Brand)	
22 Freimachen von Verkehrswegen	2
23 Heizanlagen, Schaden an	
24 Hochwasser oder Überschwemmung	
25 Liftpanne	1
26 Leitereinsatz	
27 Lose Bauteile oder loser Putz	
28 Pumparbeit	
29 Schneeverwehungen	
30 Sicherungsdienst	3
31 Schiffshavarie	
32 Strahlenschutzsinsatz	
33 Stromgenerator zur Hilfe eingesetzt	3
34 Sturmschaden	
35 Suchaktion	1
36 Taucheinsatz	
37 Tiere in Notlage	2
38 Türöffnung	2
39 Verkehrsunfall	5
40 Verkehrswegsicherung	1
41 Wasserschaden sonstiger	2
42 Wasserversorgung	
43 Wasserunfall	
44 Zerknall von Behälter und Rohrleitungen	
45 Serie 45	
46 Serie 46	
47 Serie 47	
48 Sonstiger Einsatz	
Total nach Einsatzart:	35

Technische Einsätze	
Aufteilung nach Monat*	
1 Januar	4
2 Februar	
3 März	
4 April	1
5 Mai	2
6 Juni	
7 Juli	8
8 August	3
9 September	5
10 Oktober	8
11 November	2
12 Dezember	2
Total nach Monat:	35

* inklusive der nachbarlichen Einsätze

Art des Brandeinsatzes	Anzahl:
1 Brandverdacht	
2 Blinder Alarm	
3 Totalbrand	1
4 Keller	
5 Zimmer	
6 Stockwerk	
7 Arbeitsraum	
8 Betriebsanlage	
9 Geschäftsraum	
10 Lagerraum	
11 Stallungen	1
12 Scheune	1
13 Dachstuhl	
14 Feuerungsanlage	1
15 Kamin	
16 Elektrische Anlage	1
17 PKW	
18 LKW	
19 Schienenfahrzeug	
20 Arbeitsmaschine	
21 Flugzeug	
22 Wohnwagen	
23 Wald	
24 Müll	
25 Flur	
26 Serie 26	
27 Serie 27	
28 Serie 28	
29 Serie 29	
30 Sonstiges	1
Total nach Einsatzart:	6

Brand Einsätze 2002

Brandverlauf	Anzahl:
1 Beschränkt auf Ausbruchsstelle	6
2 Beschränkt auf Gebäudeteil	
3 Beschränkt auf Gebäude	
4 Übergegriffen auf andere Objekte	

Brandobjekt	Anzahl:
1 Öffentliche Gebäude	2
2 Wohngebäude	1
3 Appartement Gebäude	
4 Gewerbebetriebe	
5 Industriebetriebe	
6 Hotelbetriebe	
7 Landwirtschaftliche Betriebe	1
8 Sonstige (Auto)	2

Brandereinsätze	
Aufteilung nach Monat*	
1 Januar	
2 Februar	1
3 März	
4 April	2
5 Mai	
6 Juni	1
7 Juli	
8 August	
9 September	
10 Oktober	1
11 November	
12 Dezember	1
Total nach Monat:	6

* inklusive der nachbarlichen Einsätze

Einsatzzeit 2002

Einsatzzeit	Brandereinsätze	Technische Einsätze	Total der Einsätze
00h00 - 01h00		1	1
01h00 - 02h00			0
02h00 - 03h00			0
03h00 - 04h00			0
04h00 - 05h00			0
05h00 - 06h00			0
06h00 - 07h00	1		1
07h00 - 08h00	1		1
08h00 - 09h00	1		1
09h00 - 10h00		1	1
10h00 - 11h00	1	1	2
11h00 - 12h00		4	4
12h00 - 13h00		1	1
13h00 - 14h00		1	1
14h00 - 15h00		6	6
15h00 - 16h00		1	1
16h00 - 17h00			0
17h00 - 18h00		4	4
18h00 - 19h00			0
19h00 - 20h00	2	5	7
20h00 - 21h00		8	8
21h00 - 22h00		1	1
22h00 - 23h00			0
23h00 - 00h00		1	1
Total	6	35	41

Am Laf vum Joer sinn de François Becker an de Laurent Lutgen bei déi grouss Pompjeeën komm a bei d'Jugendpompjeeën sinn d'Florine an den Thibaut Schailé, den Delgado-Leite Elton John, den Van der Meer Sven an den De Bartolo Giacomo bäigetrueden.

Déi grouss Pompjeeën haten am Ganzen 20 Übungen an d'Jugendpompjeeën 27 Übungen. Derniewt gouf nach den Negerbal, d'Pouletsfest an eng Porte ouverte am Kader vum nationale Sëcherheetsdag organiséiert.

Bei de Jugendpompjeeën ass déi éischt Plaz beim Jugenddag zu Miedernach, an d'gëllen Ofzeechen am Wëssenstest vum Gilles Hemmerling zum Schluss vum Joer ervirzesträichen.

Am Kader vun de Festivitéite zum Nationalfeierdag sinn och nach Medaille verdeelt ginn: fir 15 Joer bei den Pompjeeën: Aly Lamborelle, fir 20 Joer John Hilger a fir 25

Joer Tom Gries. Och d'Jugendpompjeeën krute Medaillen an zwar déi vum Wëssenstest. Sëlwer kruten de Ben Gillen, Gilles Gries, Gilles Hemmerling an d'Tessy Mossong ;Bronze kruten de Joe Berwick, Nadine Fuchs, Kim Gillen, Marie-Claire a Max Mossong.

Den Effektivbestand op de 31. Dezember 2002 ass deen heiten: 27 Aktiver ënner 65 Joer, 2 Aktiver iwwer 65 Joer, 16 Jugendlecher tëschen 8 a 16 Joer an 11 Dammen. Dat mecht een Total vu 56 Pompjeeën.

De Comité vun de Pompjeeën : Kommandant: Aly Lamborelle; Ënnerkommandant: Jerry Garson; Sekretärin: Christiane Zanier-Ebel; Caissier: Alex van der Meer; Jugendleiter: Tom Gries, Jugendleiter-adjoint:Nadia Simon a Jos Nerancic; Memberen: Véronique Wahnou a Christian Stelmes. Caisse-Reviseur sinn Nico Garson an Emile Merenne (nei).

Buergbrennen



Den éischte Sonndeg no der Fuesend ass de Buergsonndeg. Och dëst Joer sinn d'Pompjeeën rëm puer Deeg virdrun duerch d'Duerf gaang fir opzehiewen. Am Pompjeeesbau gouf am Laf vum Nomëtteg de Schierener Leit lerbull mat Mettwurscht ugebueden. Nierwt de Schierener Leit sinn och Pompjeeën aus der Emgéigend op Besuch komm.

Zu deem Zäitpunkt woren d'Buergen um Kräizbiereg scho fäerdeg. Bei der grousser Buerg ass ee klenge Mëssgeschéck geschitt („eisen Minister huet gemengt et sollt een déi um Trakter fueren loossen déi dat kéinten»), mais si ass awer nees séier opgeriicht ginn. Besser ergung ët der „klenger» Buerg vun de Jugendpompjeeën. Si ass direkt no der grousser Buerg opgeriicht ginn.



Géint 20 Auer, nodeem d'Sirene gaange sinn an ee klengt Freedefeier ofgeschoss gouf, sinn déi zwou Buergen ugestach ginn. Déi Grouss gouf vum Buergermeeschter Jos Lutgen an dem Minister Charles Goerens ugestach.



Chorale CAECILIA

Freides, de 17te Januar 2003 konnt eise President Jos Zeimes eng ganz Rei vun Invitéeën op der 70ter Generalversammlung vun der Chorale CAECILIA begrüessen: den Här Buergermeeschter Jos Lutgen an d'Vertrieder aus dem Scheffen- a Gemengerot, den Här Paschtouer Romain Gillen, d'Vertrieder vun den Duerfveräiner, d'Memberen an d'Frënn vun der Chorale. De PIUS-Verband gouf vertrueden vum Här Antoine Spogen an d'D'UGDA vun den Hären Jos. Heintz a Fernand Buchholz.

De President huet all deene Merci gesot, déi de Veräin am vergaangene Joer ënnerstëtzt hun, der Gemeng fir hire Subsid, den Duerfleit fir hir Éirememberschaft an de Sänger a Sängerinnen fir hiren ausdauernden Asaz an de gudde Prouwebesuch.

No enger Gedenkminutt fir déi zwee verstuerwe Sänger Paul Goerens an Nico Goerens, war et dann och um President der Versammlung matzedeelen, datt den Henri Bissen, deen de Schierener Gesank 9 Joer laang musikalesch geleet huet,

décidéiert huet no 9 Joer den Dirigentestaw ofzeginn. Am Numm vun alle Sänger a Sängerinnen huet hien dem Chef e grouse Merci fir säin Engagement fir de Veräin ausgedréckt a gehofft, datt de Concert Spirituel vum 16te März de kréinenden Ofschloss vun senger Aarbecht soll ginn.

Duerop hinn huet de Chef Henri Bissen sech fir déi gutt Zesummenaarbecht bedankt, an zwar mat engem Cadeau beim President an enger Corbeille bei sengen 2 Hëllefen, dem Marga Blasius an dem Aline Schroeder.

Déi nei Sekretärin Aline Schroeder huet een exemplareschen éischte Rapport virgedroen. Spéitestens deen Ament hu vill Nolauschterer gestaunt iwert déi grouss Unzuel vun Aktivitéiten an Engagementer vun der Chorale am Dingscht vum Duerf a sengen Awunner.

A sengem ausféierleche Keessebericht konnt de Keessjee Jos Gengler fir seng exakt Konteféierung gelueft.

En extra Merci gong nach un den Organist Marc Garson, un folgend Sänger a Sängerinnen goufen dékoréiert:



mat der Medaille fir 10 Joer vun der UGDA: Joe Steffen
mat der Medaille fir 20 Joer vun der UGDA: Marie-Paule Dondlinger
mat dem Croix de Mérite en Argent vun der UGDA: Viviane Storm

mat der Medaille fir 20 Joer vum PIUS-Verband: M.-P. Dondlinger a Marc Garson
mat der Medaille fir 50 Joer vum PIUS-Verband: Jos Heintz a Jos Zeimes.

No der Usprooch vun de Verrieder vun den Daachverbänn an dem Här Buergermeeschter waren all Membren a Frënn vun der Chorale invitéiert fir am Proufsall nach e puer

gemittlech Stonnen bei engem Stéck Ham an engem gudden Patt ze verbréngen.

Sonndes, den 2. Februar 2003: KLENG KIERMES.

Och dëst Joer haten d'Sänger an d'Sängerinnen nees eng Kéier Blasiussendag op hir Kleng Kiermes invitéiert.

No der feierlecher Houmass, gesonge vun de Sängerfrënn vu Steeën, ass de Kiermesmenu opgedëscht ginn: Rieslingspaschtéit, Brokkolis-zopp, Schwéngsfilet am Bliederdeech a Kiermesbond.

E puer liichtverdaulech Sketcher a Lidder hunn dee grouse Menu besser rutsche geden. Géint der Owend konnt een sech och nach eng gutt Hameschmier schmaache loosse.

D'Kächen an Aktioun



29. Generalversammlung vun der Amiperas.

De 17. Januar konnt de Präsident Jos Lutgen niewent deene ville Memberen och Verrieder aus dem Gemengerot an aus den Duerfveräiner begrüessen. Hien huet eng Gedenkminut ageluegt fir déi verstuerwe Memberen : Thies Léon, Kirsch Felix, Gengler-Haag Léonie, Allard Marguerite, Rommes-Calmes Annette, Goerens Nico, Goerens Paul, Michels Mathias, Wägener Marie, Weber-Petit Marcelle. A senger Usproch huet hien, deelweis och als Buergermeeschter geschwat, dass d'Amiperas nët méi aus dem Duerf ewech ze denken ass.

Den Aktivitéitsbericht an de Keesebericht vum Maggy Garson hunn allerhand Aktiounen duerch d'ganz Joer opgezielt. D'Keessekontroller Juliette Kemp an Martin Hendricks haten d'Zuelen kontrolléiert an hunn Décharge fir d'Caissière gefrot.

D'Amiperas hat am Joer 2002 , 122 Memberen an 185 Donateuren. An deenen 30 porte-ouvertes as een Duerchschnitt vun 30 Leit, an op deene verschiddene Fester duerch d'Joer, oni d'Braderie, plus minus 400 Leit

gezielt ginn. E grouse Merci un all déi Leit, déi d'Amiperas dat ganz Joer duerch ënnerstëtzen. Bei engem gudden Patt an enger Hameschmier ass dës Versammlung ofgeschloss gin.

Well keen bereet war, sech an de Komité ze mellen, bleiwt deen weider wéi virdrun:

Präsident:	Jos Lutgen
Vizepräsidentin:	Hess-Werdel Mariette
Sekretärin a Caissière:	Garson-Dupont Maggy
Memberen:	Wildgen-Frantal Beatrix, Gillen-Wadlé Helga, Diederich-Schroeder Françoise, Zeimes Jos, Hemes Anita.

D'Sammelaktioun 2003 vun der Amiperas ass dëst Joer fir, d' Aktioun Bobby' vun der police judiciaire.



Äddi Jeanne !

Richter-Ries Jeanne, oder besser gesot Riese Jeanne, sou ass hat, als Ettelbrécker Meedchen bekannt, 1985 an de Komité vun der Amiperas komm. Wann hat och déi lescht Joeren nët méi esou konnt matschaffen, wéi am Ufank, sou war hat awer nach ëmmer derbäi an huet seng Iddien mat an de Komité bruecht.

Keen hat drugeduecht, wéi mir op eiser Journée du Grand-Age, den 20. Oktober 2002 dës Foto vum Jeanne gemaach hunn, dass hat knaps 3 Méint duerno géif stierwen. Hat hat trotz senger Krankheet nach ëmmer Hoffnung, erem Kart spillen ze kommen bis d'Kraft hat verlooss huet an den 30. Januar verscheet ass.

Erste luxemburgische Meisterschaft der Zuchtvögel in Schieren

Schieren - Zur ersten Landesmeisterschaft der Zuchtvögel lud der Dachverband der Ornithologen in den Gemeindesaal nach Schieren, wo in Präsenz von Bürgermeister Jos Lutgen, Vertretern des Schöffen- und Gemeinderates sowie Vertretern der lokalen Vereine anwesend waren.

Insgesamt acht Aussteller hatten ihre Tiere in Schieren zur Schau gestellt, wo von 150 ausgestellten Vögeln deren 115 prämiert wurden. Die vier belgischen Preisrichter hatten keine leichte Aufgabe und verliehen beim schönsten Farbkanarienvogel den Meistertitel an Nico Streitz. Bei den Positurkanarien ging der Titel an Mariette Müller und bei den Krummschnäbeln an Armand Berger.

Föderationspräsident Nico Streitz wies sich erfreut über die rege Teilnahme an der ersten Verleihung von Landesmeister-



titeln uns gab schon erste Ausblicke in Richtung Weltmeisterschaften in Amiens.

Vom 16. bis 26. Januar 2003 werden drei luxemburgische Züchter, Jean-Marie Weyrich, Mariette Müller-Poos und José Dias Barbosa mit 16 Vögeln in Amiens teilnehmen.

Bürgermeister Jos Lutgen bestaunte das doch schon etwas ungewöhnliche, aber äußerst interessante Hobby und wies sich erfreut über die Wahl von Schieren zur Austragung der ersten Landesmeisterschaft.

Der Vorstand der F.L.O. (Fédération Luxembourgeoise d'Ornithologie) setzt sich wie folgt zusammen: Präsident, Nico Streitz; Vizepräsident, Claude Heiderscheid; Sekretär, Louis Müller; Kassiererin, Emma Colbett. Beisitzende sind Mariette Müller-Poos, Jean-Marie Weyrich und Jean-Marie Ackermann.

Marc Bernard



Début de la saison tennistique

Début mai débutera la nouvelle saison tennistique, et nous attendons avec impatience de pouvoir jouer les premières balles sur nos terrains qui ont été remis en parfait état pendant l'intersaison.

Le financement a été assuré par la commune et une firme spécialisée s'est chargée de l'exécution de ces travaux.

Nous tenons à rappeler que des nouveaux membres sont toujours les bien-venus.

Comme en témoigne les photos, notre club peut se vanter d'offrir aux jeunes et aux moins jeunes des installations ultra-modernes et adaptées à la pratique de votre sport favori.



Vous trouverez ci-après les prix pratiqués pour la nouvelle saison:

Enfants école primaire: gratuits	
Etudiants (commune Schieren):	37 Euro
Etudiants (extérieur)	49,5 Euro
Adultes (commune Schieren)	74 Euro
Adultes (extérieur)	99 Euro
Non-joueur	37 Euro
Famille (2 adultes, min 2 étudiants)	173,50 Euro

Comme le démontre ce tableau nous faisons une distinction entre les habitants de notre commune et ceux venant des autres communes. En pratiquant des prix moins élevés pour les habitants de notre commune nous aimerions faire profiter les habitants du village des efforts financiers fournis par la commune. Toutefois après deux saisons passées au sein du Club, tout membre est considéré comme habitant de Schieren.

Lors de la première inscription en tant que membre de notre club nous exigeons également un droit

d'entrée unique de 24,5 Euro et une caution de 12,50 Euro pour les clefs des vestiaires et de réservation des heures de tennis. Cette caution est restituée au moment où vous décidez de quitter le club et si vous nous retournez les clefs.

A noter que pendant la saison d'été tout comme pendant la saison d'hiver des entraîneurs professionnels se chargent d'apprendre aux intéressés la technique du tennis. Nous sommes particulièrement fiers d'avoir à l'heure actuelle une cinquantaine d'enfants et de jeunes du village qui régulièrement suivent ces séances d'entraînement.



Pour de plus amples renseignements n'hésitez pas à contacter

Romy Zimmer
Tel: 818178

GALACONCERT 2003

Den drëtte Sonndeg am Januar hat d'Schierener Musek op ee neits op hiren traditionelle Galaconcert an der Sportshal agelueden. Fir de Galaconcert vun dësem Joer haten d'Musikantinnen an d'Musikanten den Thema « Walt Disney » ausgewielt. An Originalkostümer hunn den Donald an d'Daisy Duck, d'Micky an d'Mini Maus an de Goofy d'Leit ëmfaangen. D'Kanner waren fasziniert, an hir Aen hu geglënnert.

Virun der Rekordkuliss vu ronn 750 erschéngene Frënn a Sympathisanten vun der Schierener Musek, gouf den Dirigent Blaise Stélandre vum Micky, Mini, Daisy an dem Donald durch den Haaptgank op Direktiounspult begleet, mat «A Disney Super Time» ass de Publikum pénktlech ëm 17 Auer fir 2 Stonnen an d'Fantasieräich vu Walt Disney entfériert ginn, dëst Stéck ass eis vum Lisa Zeimes-Scholtes gestéfft ginn.

Fir d'Moderatioun ass seit 10 Joer Maggy Meisch zoustänneg. A gekonnter Art a Weis huet d'Maggy duerch de Programm gefouert, an der Rei no déi folgend Stécker mat hire Komponisten an den edele Spender annonciert.

The Bells of Notre Dame
gestéfft vum Suzette Bartholmé-Monti

Beauty and the Beast,
gestéfft vum Buergermeeschter Jos Lutgen

Colors of the Wind,
gestéfft vum Raymond Hess

Disney at the Movies,
gestéfft vum Ferny Rasquin-Lallemand, Mertzig

Heavy Artillery,
gestéfft vum Dr Jean-Claude Leners, Ettelbréck

Virun dësem Stéck war eng kuurz Ënnerbriechung wéinst Ëmbesetzung noutwendig, fir 10 vun eise Jugendmusikantinnen a Musikanten war et déi éischt Geleeënheet fir d'Athmosphär am groussen Ensembl ze erliewen. No enger Paus vun 20 Minuten, gong et am zweeten Deel weider mat :

Walt Disney Overture,
gestéfft vum Majerus Nicolas

Hercules,
gestéfft vum Josée Eisen-Thill, Steeën

Two Worlds,
gestéfft vum Jean-Paul Neu

Disney Festival,
gestéfft vum Camille Pletschette

Eisen Techniker Gusty Feinen huet während der Opféierung vun den einzelnen Stécker passend Ausschnëtter aus der Disneywelt op d'Leinwand projezéiert.



Firum Disney Festival huet de Präsident Jang Nickels a senger Ried als éischt de Minister Charel Goerens, de Buergermeeschter Jos Lutgen, d'Schäffen an d'Konselljeeën, déi zwee Norddeputéiert Mil Calmes a Marco Schank, sowéi déi uwesend Nopechbuergermeeschteren begréisst, an souwuel hinnen wéi och allen anere Frënn vun der Schiereener Musek héi vu Schieren an Emgéigend häerzlech merci gesot fir hirt Kommen. Hien huet déi obligatorisch Mercien verdeelt, der Gemeng an hirem Regiebetrieb fir d'Erbäibréngen vun de Podiumen, dem Zouleeën vun der Hal, a besonnesch dem Raymond Bartholmé deen eis wéi ëmmer zu jidder Stonn zur Verfügung stong, de Fleurs Wetzel fir déi schéi Planzen mat deenen si eis all Joer gratis d'Gesamtbild verschéinere, an dem Basketballclub Black Frogs fir d'Verleeën vun zwee Mätcher no auswäerts.

Ee besonnesche Merci gong un déi edel Spender déi eis fir dëse Concert d'Partituren vun allen 10 Stécker gestéift hunn, et hunn der souguer dräi op dat nächst Joer misste vertréischt ginn, ee Novum an der Geschicht vun der Schiereener Musek.

Fir sou ee musikaleschen Erfolleg brauch en natierlech gutt an eiergéizeg Musikantinnen a Musikanten an een Dirigent mat der néideger Fachkenntnis a mënschlechem Geschéck. De Blaise Stélandre huet et nees fäerdeg bruecht mat senger Kompetenz och déi schwéierst Passagen mat eis anzestudéieren.

Eenzel huet de Präsident dunn d'Musikantinnen a Musikanten déi fir d'éischt beim Galaconcert derbéi waren virgestallt, et waren dëst : Anne Zeimes an Audrey Weinquin allebéid Querflüt, Neu Paul Trompette an Denis Weinquin op der Percussioun.



De Concert ass iwdrigens op CD opgeholl ginn, an ass fir 15 € ze kafen.



Zum Schluss huet de Präsident vun der Geleeënheet profitéiert fir lo schons op de Galaconcert den drëtte Sonndeg am Januar 2004 anzulueden, hien huet d'Léit nach invitéiert e puer Stonnen zesummen mat eis an der Buvette ze verbréngen an hinnen fir duerno eng gutt Heemrees gewënscht. Am Numm vun der Fest- a Kulturkommissioun huet den Änder Schmit, d'Gléckwënsch an d'Félicitatiounen iwwerbruecht, an als Ausdrock vu Sympathië kruut den Dirigent Blaise Stélandre aus den Hänn vum Suzette Bartholmé Blumen iwwerreicht.

Nom Schlusstéck huet de Publikum stoend Applaus gespennt an zwou Zugaben gefuerdert. Virun den Zugaben, l'its a small World, an A Disney Super Time, hunn de Goofy mat senger Frënn d'Kanner vun der Tribün an aus dem Sall zu enger Polonaise agesammelt a mat hinne virum Publikum gedantz.

Eis Dekoratiounsekipp mam Martin Hendriks, Ali Nickels an dem Chefdekorateur Georges Petit, huet sech dëst Joer erëm eng Kéier iwwertraff. A wochelaanger Aarbecht hu si dem Publikum mat dräi fantastisch gelongene Meeschterwierker aus der Disneywelt éppes gebueden un deem sech d'Aen konnten ergötzen. Och eis Jugend huet dëst Joer bei der Dekoratioun mat ugepakt, d'Sarah Thill an d'Célia Elsen haten en Tableau aus dem Disneyfilm Tarzan gemolt, d'Debby an d'Sammy Storn haten sech am Eurodisney inspiréiert an hunn zwou Figuren aus Fantasia gebastelt, op der Foto virum Direktiounspult ze gesinn.

Den fantastischen Entworf vum Plakat, den Inviatiounen a de Flugziedelen war eng Produktioun vum Feinens Jemp.

Fraen a Mammen · Generalversammlung

Déi 32. Generalversammlung vun de Fraen a Mammen war den 18. Februar am neie Festsall vun der Gemeng.

Bei der Begréissung vun der gutt besichter Versammlung konnt d' Präsidentin Henriette Mathias mat vollster Zefridenheet op d' Schaffen vum leschte Jar zeréck kucken. Si huet der Gemeng merci gesot fir deen alljährlichen Subsid. Weider huet sie merci gesot alle Memberen, déi de Verein am Laaf vum Joer an irgend enger Form ënnerstézt hun.

Den Tätchkeetsbericht ass vun der Sekretärin Irma Feipel virgedroen ginn; hien geseit am Résumé folgendermossen aus:

De Comité ass 8 mol zesumme komm fir déi verschidde Manifestatiounen ze organiséieren. De Verein hat am leschte Joer 23 Aktivitéiten, wéi z.B. de Backcoursus, de Basar vun Pällemsonndeg, (wou deen gréissten Deel vum Erléis fir d' Restoratioun vun der Kapell um Kierfecht war), den Ausflug no Nanzeg, d'Chrëschtfeier mat der Chèque-iwwerrechung asw. De Comité huet doniewent och un allen weltlechen a kierchlechen Manifestatiounen am Duerf deelgeholl.

No engem positiven Keesebericht vun der Caissière Nelly Gengler, hun d' Keeserevisorinnen eng vorbildlech Buchführung bestätigt. D'Generalversammlung huet op Virschlag vun der Präsidentin der Caissière Entlaaschtung gin an och de Comité krut seng Arbecht ofgeseent.

Duerno gouf de Programm fir d' Joer 2003 virgestallt mat folgenden Hauptpunkten:

Dekanats-Jousefsfeier zu Schieren: Méindes, den 17. März
Basar: Pällemsonndeg, den 13. Abrëll
Chrëschtfeier, den 9. Dezember



Glüehwäin no de Chrëschtmetten

Dobei kommen nach: een Ausflug, Pilgerfahrt bei d'Schwarz Muttergottes an de Gronn, Oktavandacht, Kierchebotz, éen Trëppeltour op Tréier usw.

Den Här R. Hess, Präsident vun der Fest a Kulturkommissioun, huet dem Comité Merci gesot fir sein Asaz bei der Restoratioun vun der Muttergotteskapell um Kierfecht.

Den Här J. Zeimes, als Verrieder vun der Gemeng, huet déi bénévol Aarbecht vum Comité ervirgehuef a sot, dat d'Fraen a Mammen aus dem Kulturliewen vun Schieren net méi wegzedenken sin.

Fir ofzeschléissen huet d' Präsidentin d' Invitéen, d' Memberen an d' Frënn vun Fraen a Mammen op eng kleng Agape invitéiert.

Irma Feipel



GAART AN HEEM SCHIREN

Den 9. Januar ware mir op Esch/Uelzecht d' Ausstellung: „Verbrechen der Wehrmacht im Zweiten Weltkrieg» kucken. Dëss Ausstellung huet besonnesch di eeler Generatioun interesséiert, mee och di jonk Leit solle sech ee Bild maachen iwwer d' Grausamkeete vun den däitschen Zaldoten am zweete Weltkrich.

Mir hunn d' Buch zu deser Ausstellung kauft. Eis Memberen, déi drun interesséiert sinn, kënnen dest Buch gratis ausléine bei eisem Sekretär, dem Här Victor FEIPEL, 9, rue J.P. Schuster (Tel.: 81 00 88)

De 7. März hate mir eis Fréijoersversammlung.


Wann och net allzevill Leit de Wee bei äis fonnt haten, so kënnen mir dach vun engem gelungenen Owend schwätzen.

Den Här Herbert KLINGBEIL aus der Ackerbauschool huet eis an dat komplex Thema „Richteicht Schneide vun de Stauden, Rousen, Gestreicher asw.» agefouert. Vill Froe goufe gestallt, a jidderee krut eng Aentwert oder een gudden Tipp, wéi ee mat senge Planze soll emgoen.

Mir hate mol eng Kéier keng Tombola. Fir dat den Owend net esou dréchen sollt sinn, hu mir Gedréngs ugebueden.

No enger klenger Paus huet de Nico GARSON säi Film vum 75ten Anniversaire vun eisem Veräin gewisen. Des Kéier huet den Apparat net gestreikt, a mir konnte mat schéine faarwege Biller eis Erënnerungen un déi gelonge Feierlechkeete vun 2001 erëm opfrëschen.

Mir wëllen eis Memberen drun erënneren, datt vun dësem Joer un den Här Jean-Paul MEISCH, 82, route de Luxembourg (Tel.: 81 83 24) fir de Vertikutierer zoustänneg ass. D' Lokatioun vun der Maschinn kascht 5,00 € d' Stonn.



Eis weider Aktivitéiten:

Den 12. Abrëll planze mir zesummen mat der Gemeng an der Ëmweltkommissioun ee Bam fir all am Joer 2002 gebuere Kanner vu Schieren.

De 14. Juni ass eis traditionell Mammendagsfeier ënnert der Matwirkung vun dem Jugendorchester vun der Schirener Musek an de Schiereener Schoulkanner.

Vum 16. bis den 20. Juli mache mir eisen Ausflug un de Genfer See.



BBC Black Frogs Schieren

Chrëschtfeier.

Fir eise Spiller a Memberen Merci ze soen haten mir sonndes, den 22. Dezember 2002, eng Chrëschtfeier an der Buvette vun der Sportshal organiséiert. Et waren nobei 80 Leit dëser Invitatioun nokomm. Nodeems mer eis den Prince Orloff gutt schmaache gelooss haten, koum dunn den „Chrëschtmann“, deen eise Spiller ee Kado iwwerrecht huet.



Nächst Organisatiounen:

Nightbaskett 7. Juni 2003

Op Paischtsamsdeg de 7. Juni 2003, organiséiere mir een Nightbaskett. Do kann jidderee matmaachen. Et gött an der Hal nuets vun 21:00 Auer un ee Streetballturneier gespilt. Genee Detailler iwwert de Verlaf, Kategorien, Präisser a.s.w. kritt Dir mat Zäiten an d'Haus.

Quizowend 21. Juni 2003

Mir organiséieren ee Quizowend, wou och jidderee ka matmaachen. Et kann ee sech fir de Quiz umellen oder och als Spektateur derbäi sinn. Als Spektateur kritt een awer och d'Gelëenheet fir flott Praisser mat heem ze huelen. Och heivun kritt Der nach genee Informatiounen heem.

Verlaf vun de Qualifikationsronnen.

Bei den Dammen ass et ganz gutt gelaf. Déi hun 4 vu 14 Mätscher an der National 2 gewonnen. D'läscht Joer hate se der nëmmen 2 an der Qualifikationsronn gewonnen. Domat si mir dunn mat engem Punkt manner ewéi Berburg op déi 6. Platz komm.

Nationale 2 - Dames:Qualifications

<i>Schieren</i>	47	-	106
Esch			
Larochette	53	-	50
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	48	-	77
Bertrange			
Bettembourg	89	-	55
<i>Schieren</i>			
Luxembourg	121	-	41
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	73	-	45
Diekirch			
Berbourg	35	-	45
<i>Schieren</i>			
Esch	80	-	44
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	59	-	42
Larochette			
Bertrange	79	-	54
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	49	-	63
Berbourg			
Diekirch	52	-	89
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	34	-	116
Luxembourg			
<i>Schieren</i>	46	-	72
Bettembourg			

Bei den Hären ass net grad esou gutt gelaf. Déi hunn an der ganzer Qualifikationsronn nëmmen 2 Mätscher gewonnen. Wat eis dann déi 2.leschten Plaz abruecht huet. Mir müssen awer derbäi soen, datt mer vun Ufank der Saison un, Espoiren wollten an d'Équipe abauen. Durch vill Ausfäll sinn et der du méi ginn, déi während der Saison hu missen integréiert ginn.

Nationale 3 - Hommes:Poule A - Qualif.

North Fox Clervaux	50	-	70
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	59	-	107
Hostert			
Kehlen	83	-	60
<i>Schieren</i>			
Preizerdaul	76	-	69
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	52	-	105
Diekirch			
Mamer	93	-	53
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	53	-	101
North Fox Clervaux			
Hostert	133	-	55
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	48	-	88
Kehlen			
Diekirch	107	-	51
<i>Schieren</i>			
<i>Schieren</i>	83	-	61
Preizerdaul			
Mamer	71	-	51
<i>Schieren</i>			

Nationale 2 - Dames:Qualifications

#	Equipe	Joué	Gagné	Perdu	Points	Nul	Forfait	Off	Def
1	Racing Luxemb.	14	14	0	28	0		1542	529
2	Basket Esch	14	12	2	26	0		1256	682
3	Sparta	14	10	4	24	0		943	743
4	BBC Nitia	14	8	6	22	0		840	886
5	Avenir Berbourg	14	5	9	19	0		775	922
6	<i>Black Frogs</i>	14	4	10	18	0		734	1030
7	Arantia	14	2	12	16	0		588	1174
8	BBC Diekirch	14	1	13	14	0	(1 ff)	470	1182

Nationale 3 - Hommes: Poule A - Qual

#	Equipe	Joué	Gagné	Perdu	Points	Nul	Forfait	Off	Def
1	BBC Diekirch	12	11	1	23	0		1063	693
2	Grengewald	12	11	1	23	0		1170	771
3	Mamer	12	8	4	20	0		944	734
4	BBC Kehlen	12	6	6	18	0		845	821
5	North Fox	12	3	9	15	0		766	925
6	Black Frogs	12	2	10	14	0		704	1075
7	Preitzerdaul 93	12	1	11	13	0		584	1057

D'Espoiren selwer hunn an der Qualifikatioun ee Mätsch gewonnen, an dat géint den Grengewald Hueschtert. Déi sinn déi 1.an der Qualifikatiounsronn ginn. D'Cadéten fir hiren Deel hu kee Mätsch bis dohinner gewonne gehat. Wou een awer muss bemierken, datt déi all Mätsch maximal zu 6 Leit spillen, wou déi aner Equipen opmanst 8 – 10 Leit hunn. An dann eis ganz Kléng.

D'Minimes hu bis zur Wanterpaus schon 2 Ronne gespillt gehat. An 8 Mätscher bis dohinner hu se 3 x gewonnen an eng Kéier 33-33 gläichgespillt. (Bei de Minimes gëtt et keng Verlängerung) Bei eise Minimes muss een eraushiewen, datt déi Meescht bei eis nach Poussins sinn an, datt mir gemëscht (Jongen an Meedercher) spillen, wat soss just nach zu Waasserbëlleg a Clierf de Fall ass.



Nei Trikoten fir eis 1.Härenéquip

Et stinn v.l.n.r: Coach Allan Jones; Alain Lutgen; Gerry (Fix) Hoffmann; Ted Arend; Tom Nols; Marc Silverio. Et knéien v.l.n.r: Cruces Alvaro; Jerry Schroeder; Mike Moersch; Raul Teixeira; Dan Kemp.

F.C. JEUNESSE SCHIEREN

ROCK'N'ROLLING'N'RIDING FESTIVAL

4/5/6 JULY 2003



Wenn es momentan auch sportlich nicht so wie gewünscht läuft, bleibt der Verein seiner Tradition treu und veranstaltet am 4,5 und 6ten Juli 2003 sein Zeltfest.

Über 3 Tage wird dieses Jahr ein „Country&Western“ Festival der Extraklasse organisiert. Der rührige Vorstand ist seit Monaten dabei diese Riesenorganisation zu bewältigen.

Wer mehr dazu erfahren will, kann sich auf der eigenen Webseite erkundigen (www.american-festival-schieren.lu). Dabei kann man sogar „on-line“ Tickets vorbestellen.

Gibt man unter einer Suchmaschine wie „Google“ [american-festival-schieren](http://www.american-festival-schieren.lu) ein, werden nicht weniger als 12 „links“ angezeigt.

Es wird das ganze Spektrum eines solchen Festivals angeboten und jeder Freund der „Country&Western“ Musik und Lebensweise sollte etwas für seinen Geschmack dabei finden.

Für diejenigen die keinen Internetzugang haben, seien nur einige „High Lights“ hervorgehoben:

Eine „Trucker und Harley“ Ausstellung gehört ebenso zum Programm wie eine „Western Riding Show“.

Eine ganze Reihe bekannter „Country&Western“ Musikgruppen werden auftreten, darunter Buffalo C. Wayne mit Mary Ann Scott.

Für Tanz sorgt an allen 3 Tagen die „Cripple Creek Band“. Um das ganze abzurunden, gibt es Verkaufsstände, an denen man typische „Western“ Utensilien erstehen kann.

Am Sonntag, den 6ten Juli, wird ein „Texas brunch“ serviert.

TURNVERÄIN SCHIEREN ASBL

Dat hei ass d'Grupp, Maman (Papa) & Bébé vun dëser Saison



Eist Summerfest ass
Sonndes den 15. Juni

Am Nomëtteg ass en Optrëtt
vun de Kannergruppen

Aide aux Enfants Handicapés.

du Grand-Duché

Asbl reconnue d'utilité publique

B.P 41 L-4501 DIFFERDANGE

Tél. 59 52 48

RAMASSAGE DE VIEUX
VÊTEMENTS
ET TEXTILES DE TOUS GENRES



GROUSS
KLEEDERSAMMLONG
ALL ZORT VU GEZEI

COMMUNE DE
SCHIEREN
11.04.2003

A partir de 8 heures du matin
Tous les vêtements seront réutilisés
MERCİ DE VOTRE AIDE

Vun 8 Auer mueres un
All Kleeder ginn ërem verwäert
MERCİ FIR ÄER HELLEF

D'Massendénger «On tour»

Et ass schons bal eng flott Traditioun, dass mir mat eisen Massendénger op d'Äis ginn.
Sou hu mir och dest Joer, bei herrlechem Wanterwieder,
e flotten Nomëtteg op der Äispist zou Befort vebruecht.



Dest Joer haten mir des Aktivitéit zesummen mat deenen Kolmer Massendenger gemeet.
Op des Manéier haten d'Kanner d'Meiglechkeet, sech kennenzeléieren.
Bei enger Taass Kaffi haten och déi Grouss d'Gelegenheet, fir sech auszetauschen.
Esou konnten sech déi 2 Poeren schons op eng ongezwongen Art a Weis méi no kommen.
E klengen Schrett an d'Zukunft vum Poerverbandsrot ass also schons gemeet.

Sylvie Berwick



Aus der Generalversammlung vun der Schiererener Gemeinschaftsantenn.



Den 05. Februar 2003 ass déi 36. Generalversammlung vun der Schiererener Gemeinschaftsantenn ofgehal ginn. De Präsident Armand Bauler huet all interesséiert Nolauschterer begréisst an sech bei de Kollégen aus dem Komité, de Keessepräifer an der Gemeng fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht bedankt.

Den Tätigkeetsbericht`ass vum Sekretär Jerr. Kemp virgedro ginn. Dësst Joer stung ouni Zweifel am Zeechen vun de Modernisatiounsaarbechten vum Réseau, woubäi eist Antennenetz vun 450 op 862,5 MHz opgerüst, a mat bi-direktional-tauglechen Verstärkeren equipéiert ginn ass. Dat wärt an Zukunft nétt nëmmen erlaben, méi eng grouss Pallett un Televisiouns- an Radios-programmen unzebidden, mee och aner interaktiv Servisser iwwer den Antennekabel, wéi z.B. den Internet à grande vitesse, Vidéo sur demande, Pay-TV, a.s.w. Aner Entretiensaarbechten sinn an der rue du X Septembre, der rue de la Gare, dem Kräizbiert an der rue du Chemin de Fer ausgefouert ginn, respektiv virgesinn.

De Verwaltungsrot huet sech 6 mol getraff a war och 6 mol bei verschidde-nen aneren Evenementer an Treffen vertrauden. DZuel vun de Memberen ass op 477 geklomm. De Präis fir e neien Schloss beleeft sech op € 1.000,-, an de jährelche Beitrag op € 74,37-. Am Laaf vum läschte Joer konntten folgend zousätzlech Programmer ugebued ginn: Phoenix, Chamber-TV, N-24, Viva 2, CNBC, 9-Live, ORB, MTV 2, Liberty an den



Tango-TV, woumat d'unzuel vun de Fernsehprogrammer sech op 58, an déi vun de Radioprogrammer op 40 beleeft. D'Signal gëtt weiderhin vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn geliwwert.

Ausserdeem ass nach ze bemierken, dass d'Schierener Antenn och um Internet ënnert der Adress « www.schieren.org » ze fannen ass.

Wat d'Finanzen ugeet sou konnt de Jerr. Kemp, deen och Tresorier ass, iwwer eng ausgeglachen Situatioun berichten. Natierlech ass dem Ëmbau vum gesamten Netz mat engem groussen finanziellen Opwand fir d'Gemeinschaftsantenn verboun. De Verwaltungsrot war awer trotzdem der Meenung, fir dëse Schrëtt ze maachen. De Käschtepunkt fir déi Opbereedung vum Netz beleeft sech op ronn ~ 45.000,-, also ongeféier 1,8 Mio därer Frang.

Wéi sech erweisen huet, war d'Investitionspolitik vun der Antenne Collective, bei där am Laaf vun de vergaangenen Joeren progressiv eng Réserve ugeluegd ginn ass, déi richteg Wee. Et wäert och weiderhin dorop geuecht ginn, fir an dësem Sënn virunzefueren, fir an eiser schnelligeweger Zäit, besonnech wat déi technesch Entwécklungen ugeet, d' Zukunft können ze afrontéieren.

D' Generalversammlung huet dunn och op Virschlag vun de Keessepräifer d'Entlaaschtung ginn an och de Verwaltungsrot ass fir séng Aarbecht bestätegt ginn.

Den Alain Feypel, Präsident vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn, huet a séngem Exposé iwwer déi mannechfaltech Méiglechkeeten vum Antennekabel geschwaat, an zesummen mat den Komitésmemberen op d'Froen, déi während der fréier Aussprooch gestallt goufen, geäntwert.

D'Generalversammlung gouf mat enger flotter Präsentatioun vum Service « TV-Surf » ofgerond, déi an Zesummenaarbecht mat der Post, der SOGEL an der Schierener Gemeinschaftsantenn organiséiert gouf. Et handelt sech heibäi em en Internetzugang iwwer den Antennenkabel mat der 4-facher ISDN-Vitesse, bei där een bei engem fixen Präis 24/24 Stonnen kann on-line sinn.

De Komité sëtzt sech folgendermoossen zesummen : Armand Bauler (Präsident), Rudy Bever (Vize-Präsident), Jerr. Kemp (Sekretär an Tresorier), Steve Lamborelle, Jang Mons (Memberen), Christian a Roger Stelmes (Memberen an Techniker). Keesserevisoren sinn Jos. Nilles an Raymond Schreiner. De Jos. Wiesenbach huet séng Kandidatur als Keessepräifer no 30 Joer Memberschaft nëtt méi erneiert a gouf duerch den Claude Graff ersat.

Jerr. Kemp

Programmes - TV

Hei fannt Dir eng Lëscht vun de Programmer

TV	Kanal	MHz	Kanal	Sendername	Videotext
	UKW	88 - 108		UKW-RADIOPROGRAMME	
29	S2	111-		DSF	x
28	S3	-118		RTL Lux.	x
6	S4	126,25	83/84	PRO 7	x
3	S5	133,25	84/85	SÜDWEST 3 (RP)	x
1	S6	140,25	85/86	ARD	x
26	S7	147,25	86/87	RTPI	x
31	S8	154,25	87/88	RTL TVI	x
4	S9	161,25	88/89	SAT.1	x
11	S10	168,25	89/90	TF1	x
24	K5	175,25	05	Tango Tv	
2	K6	182,25	06	ZDF	x
7	K7	189,25	07	RTL-TELEVISION (Deu)	x
18	K8	196,25	08	RTBF2 / VIVA	x/x
22	K9	203,25	09	RAI-UNO	x
12	K10	210,25	10	FRANCE 2	
17	K11	217,25	11	RTBF 1	x
13	K12	224,25	12	FRANCE 3	x
15	S11	231,25	90/91	RTL 2	x
9	S12	238,25	91/92	Info Antenne / Nordli.	x
10	S13	245,25	92/93	RTL 4	
19	S14	252,25	93/94	EUROSPORT	x
16	S15	259,25	94/95	M 6	
21	S16	266,25	95/96	MDR	x
5	S17	273,25	96/97	3 SAT	x
23	S18	280,25	97/98	RAI - DUE	x
27	S19	287,25	88/89	ARTE / KINDERKANAL	x/x
20	S20	294,25	99/00	CANAL + (codiert)	
36	S21	303,25		TVE	x
37	S22	311,25		VOX	x
32	S23	319,25		KABEL 1	x
33	S24	327,25		BBC WORLD	x
35	S25	335,25		CLUB RTL	
34	S26	343,25		NDR	x
38	S27	351,25		N - TV	x
39	S28	359,25		SUPER RTL	x
40	S29	367,25		Phoenix	x
30	S30	375,25		WDR	x
46	S31	383,25		BAYERN 3	x
25	S32	391,25		CNN	x
45	S33	399,25		FASHION TV	
44	S34	407,25		BLOOMBERG	
43	S35	415,25		MTV (Deu)	x
14	S36	423,25		TV5	
49	S37	431,25		Chamber TV	
8	S38	439,25		VIVA 1	x
51	K21	471,25	21	RTL9	x
47	K22	479,25	22	LA5 / BHT	
48	K23	487,25	23	BR ALPHA	x
50	K24	495,25	24	HR 3	x
51	K25	503,25	25	N24	x
52	K26	511,25	26	VIVA 2	x
53	K27	519,25	27	CNBC	
54	K28	527,25	28	9 Live	
55	K29	535,25	29	ORB	
56	K30	543,25	30	MTV 2	
57	K31	551,25	31	Liberty TV.com	
				www.schieren.org	

Moien dir léif Schiereener Leit,



Mir sinn d'Kanner aus dem 3. Schouljoer, déi bei dem Luc Mousel an der Klass sinn. Eise Schoulmeeschter ass elo fir d'drétt Joer hei zu Schieren.

D'lescht Joer ware mir bei der Joffer Thein am 2. Schouljoer. An eiser Klass si mir zu 15 Kanner, dovunner 9 Meedercher a 6 Jongen.

Mir verstinn eis all ganz gutt, mee kleng Stépplereien kommen och alt emol vir.

D'Joffer Polfer bereet eis op eis 1. Kommioun vir, op déi mir eis schon all freeën.



Mir 16 Kanner sinn am 3. Schouljoer. Mir verstinn eis gutt a mir hu vill Spaass zesummen.

Mir maachen eist Beschtt fir Rechnen, Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch a Sciences ze léieren. Awer och am Molen, Bastelen, Turnen, Schwammen a Sengen gi mir eis gutt drun.

Eis Joffer seet ëmmer mir kënnte wierklech schéi sängen, bal sou schéi wéi d'Villercher am décke Bam virun eiser Schoulfenster.

Wann Dir eemol laanscht eis Schoul spadséiere gitt, da lauschtert mol gutt, vläicht héiert der eis.

Cécile Thein

4. SCHOULJOER



Mir sinn zu 16 Kanner an der Klass a mir si schon dat zweet Joer bei der Joffer Stüren.
Am Laf vun deenen zwee Joer hu mir vill geschafft, well mir wollten am 4. Schouljoer an eng "Classe
de neige" fueren. Mä duerfir brauch ee vill Suen!
Mir hunn also 2001 an 2002 ee Chrëschtmaart ofgehal
a mir hunn de leschte Summer Rubbellouse verkaft.

Am Dezember 2001 war de Chrëschtmaart an der Schoul, a just eis Famill,
Frënn a Bekannten woussten vun deem Maart.

Am November 2002 hu mir dee Maart fir d'Leit alleguer gemaach.

Ganz Schieren ass bei eis komm an huet fläisseg Adventskränz kaaft.

Och eis Mammen hu fläisseg mat gebastelt fir déi vill Bestellungen a kuerzer Zäit ze préparéieren.



De Louis

Mir hunn awer och eist Bild mat de Fësch, dat mir fir d'Kommioun gebastelt a gemolt haten, versteet.
D'Léierpersonal huet eis dat meeschte Geld ugebueden
a sou hunn si et kritt fir an d'Schoul ze hänken.



Dëst Bild konnte si kafen,
well si nach Suen vun de Schoulfester vu Joeren virdrun op engem Kont stoen haten.

Mir konnten also esou, dank iech, léif Schiereener Leit, eisen Dram erfëllen, an op Saint-Jean d'Arves
a Frankräich an d'Schivakanz fueren. Dir kënt iech net virstellen, wat dat genial wor!
Den Germain Schmit huet eis zesummen mam Thomas an engem flotte Bus, dee vun der Gemeng
gesponsort war, a Frankräich gefouert. No ongeféier 10 laange Stonnen ware mir endlech do.
Mir haten déi ganz Woch vill Schnéi a super Wieder.



Wat hu mir den Dag iwer dann do gemaach?

Mä dohannen war et keng Vakanz. Moies nom Kaffi si mir bis Mëtteg an d'Schoul gaang, well eis Schoulbicher hu leider net doheem bleiwen dierfen. Nom Mëttegiessen, goug et dann op d'Pisten. Déi meescht vun eis waren nach ni Schi gefuer a mir sinn also Nomëttes an d'Schischoul gaang.



No engem laangen Dag an engem gudden Ovesiessen hu mir dann nach gespillt, gedantz a gesongen. Oves ware mir doudmidd a sinn an d'Better gefall.

Eigentlech wollte mir guer net mei heemkommen, mä leider war déi Woch vill ze vill kuerz an de Germain war vill ze schnell erëm do fir eis sichen ze kommen.

Dëst war eng super Erfahrung fir eis, mol eng Kéier an de Bierger, am Schnéi an d'Schoul ze goen. A mir hu leider och missten déi ganz Woch franséisch schwätzen, well jiddfereen mat eis franséisch geschwat huet.



WIEN ASS FRÉIER AN D'ÉISCHT SCHOULJOER GAANG?

Mir presentéieren am Laf vum Joer di verschidden Schouklasse déi am Schouljoer 2002-2003 zu Schieren d'Primärschoul besichen. Mir hunn dunn an den Gemengen- an Schouldossieren nogekuckt fir iwver di al Regëstere d'Nimm vun deene Kanner rëmfannen, déi an deene verschiddene Joeren fir d'éischt an d'Schoul gang sinn. Mir kënnen e Réckbléck maachen bis an d'Zwanzeger Joeren vum leschte Joerhonnert, sou dat mir d'Méiglechkeet hunn an all Zeitung 2 Joergäng virzestellen. Leider waren d'Regëstere nit ganz komplett sou dat mir nit garantéieren kënnen bei all Joergang wierklech keen Numm ze vergiessen.

An deene 4 Zeitungen vun 2003 stellen mir folgend Joeren vir: **1932-33, 1942-43, 1952-53, 1962-63, 1972-73, 1982-83, 1992-93, 2002-03.**

Mir fänken an dëser Nummer un mat de Joeren 1932-33 an 1972-73. Do kënnen dann di Jugendlech vun haut vläicht den Numm vun hiren Elteren a Grousselteren rëmfannen. Frou wire mer awer och wann Schiere Awunner nach Fotoën vun hire Schouklasse hätten a mir géifen een Appell un lech riichten, äis déi Fotoën fir d'Publikatioun am Louis zur Verfügung ze stellen. Och Fotoën vun vergaangene Konveniater akzeptéieren mir gär a mir soen-deene Leit déi äis dobäi hëllef am viraus scho Merci.

Eischt Schouljoer 1932-1933

Well d'Regëstere vun den Meedercher respektiv dem 1. an 2. Schouljoer nit méi opzedreiw waren, hu mir d'Meederchersnimm vun deem Joer vläicht nit ganz komplett an d'Nimm vun de Jongen och réischt am Regëster 1934-1935 vum 3. Schouljoer rëmfond.

Et waren dat:

Petit Johann	gebuer den 10.5.26 zu Colmer-Bierg	Schlechter Marechen
Heischbourg Jean	gebuer den 7.7.26 zu Schieren	Hoffmann Celestine
Kaes Jean	gebuer den 5.5.26 zu Schieren	Jacoby Marie



Mir hunn nach eng Foto rëmfondt vun den Meedercher-joergäng 1914, 1915, 1916, 1917. - Nimm vun uewen un:

- | | |
|---|--|
| 1. Rei: Maria Fischbach, Marechen Jaeger, Marguerite Fabricius, Dora Linden, Marguerite Schaack, Henriette Peiffer | 3. Rei: Marguerite Ney, Marie Wagner, Maus Kuffer, Emelie Harpes, Régine Schiltz, Anna Koster, Catherine Schweich, Lina Gengler |
| 2. Rei: Therese Stirn, Lisy Tibessart, Marechen Bley, Julie Garson, Marie Haler, Suzanne Melsen, Albertine Colbach, Berthe Walzing, Josephine Peiffer | 4. Reih: Marguerite Fischbach, Madeleine Lutgen, Anne Kirsch, Alice Toussaint, Yvonne Toussaint, Maria Goerens, Marguerite Jaeger, Léonie Schuster |

Relevé des élèves:

Numéro d'ordre Année d'études	Nom et prénoms des élèves (à classer suivant les années d'études, par ordre ascendant) Laisser un blanc entre les différents année d'études	Sexe		Confession	Naissance		Résidence et (ou) Adresse exacte
		garçon X	filles X		Lieu	Date	
1	Bauler Marilyne	X		cath.	Gia-Dinh (Sud-Vietnam)	19.6.66	Schieren
2	Erdel Yves	X		"	Ettelbruck	24.5.66	Cité St. Blaise
3	Esser Claudine	X		"	"	23.3.66	1, rue Pilate
4	Gengler Marco	X		"	"	20.1.66	7, rue du Chêne
5	Mons. Martine	X		"	"	8.10.66	17, r. de Nammer
6	Neven Sonja	X		"	"	18.6.66	67, r. de Luxbg
7	Nickels Michèle	X		"	"	14.11.66	5, r. de l'Abbat
8	Nols Guy	X		"	"	23.7.66	"
9	Nols Luc	X		"	"	27.9.66	"
10	Rischarde Sylvie	X		"	"	19.10.66	69, r. de Luxbg
11	Scherer Jean-Michel	X		"	Epinal (Fr.)	6.5.66	1, route de Luxbg
12	Schreiner Corinne	X		"	Luxembourg	6.10.66	16, r. des vergers
13	Simon Norbert	X		"	Ettelbruck	14.12.65	"
14	Thilman Patrick	X		"	Ettelbruck	27.12.66	106, r. de Luxbg
15	Weber Blanche	X		"	"	18.2.66	128, r. de Luxbg

Tagebuch und Absenz-Register.

a) Anweisung zur Führung des Tagebuches.

1. Eingetragen werden jeden Tag alle Lehrstoffe, die am folgenden Tage in der Schule bearbeitet werden sollen, sei es als direkter Unterricht, oder als Selbsttätigkeit, oder als Hausaufgabe.
2. Alle Wochentage sind mit dem betreffenden Datum zu versehen.
3. Der durchzunehmende Stoff ist kurz und möglichst genau zu bezeichnen. Bei den deutschen und französischen Lehrplänen sind die Nummern und Überschriften, bei den Aufträgen das Thema, beim Rechnen Seite und Nummer der Aufgaben aus dem Handbuche, nebst Art der Übungen und Verbindungen, bei den deutschen und französischen Sprachübungen die kurze Bezeichnung des Gegenstandes, bei der Grammatik, den Hebräischen, dem Rechts und dem Schönschreiben, dem Turnen die einzelnen Übungen, beim Gesang die Überschriften der Lieder, bei den Wiederholungen der behandelte Lehrstoff einzutragen.
4. Zum Bezeichnen der Lehrstoffe verwende man passende Abkürzungen, wie zum Beispiel: M. (Mathematikunterricht); D. (Deutsch); F. (Französisch); R. (Rechnen); Nat. (Naturgeschichte); Gesch. (Geschichte); Geogr. (Geographie) usw.
5. Die ausfallenden Unterrichtsstunden und schulfreien Tage sind in den betreffenden Tagestafeln einzutragen.
Bei den außergewöhnlichen schulfreien Tagen werden die Gründe angegeben, welche diese freien Tage benötigen, sowie die Behörde, welche sie bewilligt hat.
6. Der Lehrer soll den Schulleitender sofort von jedem erhaltenen Urlaub in Kenntnis setzen und ihm die schriftliche Genehmigung dazu einleiten.

b) Anweisung zur Eintragung der Abwesenheiten.

1. Die abwesenden Schüler (schulspflichtige oder nicht schulpflichtige) werden jeden Tag in die vorgezeichneten Spalten eingetragen.
2. Die Vormittagsabwesenheiten bezeichnet man durch -, die Nachmittagsabwesenheiten durch |, so daß die Abwesenheit eines ganzen Tages durch + dargestellt wird.
Neben dieser Darstellung bedeutet die Ziffer 6 mit Erlaubnis, gemäß Art. 6 des Schulgesetzes.
Neben dieser Darstellung bedeutet die Ziffer 6 mit Erlaubnis des Lehrers für einen Tag oder einen Teil des Tages.
7 mit Erlaubnis der Schulkommission für höchstens 5 aufeinanderfolgende Tage.
7 mit Erlaubnis der Schulkommission und des Inspektors für höchstens 8 aufeinanderfolgende Tage.
7 mit Erlaubnis des Gemeinderates, der Schulkommission und des Inspektors, für mehr als 8 aufeinanderfolgende Tage.
8 mit Erlaubnis gemäß Art. 8 des Schulgesetzes.
Abwesenheiten von einzelnen Stunden werden ebenfalls eingetragen unter der Bezeichnung 1 St. bis 2 St. Bei der Zusammenstellung am Ende des Monats werden die Abwesenheiten zusammengefaßt und es verzeichnet, daß drei Stunden als eine halbtägige Abwesenheit gelten.



Anweisung.

- Die durch Art. 19 des Schulgesetzes vorgezeichneten Zeugnisse werden jährlich dreimal ausgestellt und zwar an folgenden Daten:
1. In der Zeit vom 20. Dezember bis zum 1. Januar;
 2. innerhalb der 10 letzten Tage des Winterhalbjahres;
 3. innerhalb der 10 letzten Tage des Sommerhalbjahres.
- Für Turnen und Gesang werden nur Nummern eingetragen; bezüglich für Handarbeit in gemischten Schulen, um eine gleichmäßige Verteilung der Plätze zu ermöglichen.

Lerngegenstände	Maximaler Punkt	Wert der Nummern.	Kalkulierte Punkte für die	
			Bestplätze	Restplätze
1. Religion und Moral	60	1 = sehr gut	60-50	30-25
2. Deutsch und Luxemburgisch	60	2 = gut	40-40	24-20
3. Französisch	60	3 = befriedigend	30-30	19-15
4. Rechnen	60	4 = ungenügend	20-20	14-10
5. Schreiben	60	5 = höchst	10-0	9-0
6. Naturkunde	30			
7. Westfälische Geschichte	30			
8. Geographie	30			
9. Zeichnen	30			
10. Gesang				
11. Turnen und Jugendspiele				
12. Weibliche Handarbeiten	30			
13. Hausaufgabensätze	30			

SCHIERENER MANIFESTATIONSKALENNER
fir Abzëll, Mee a Juni 2003

DATUM	DAAG	MANIFESTATIOUN	ORGANISATOR
12.04.2003	SAMSDEG	EE BAM FIR DÉI NEIGEBUEREN VUN 2002	ËMWELTKOMMISSION MAM GAART AN HEEM
13.04.2003	SONNDEG	BASAR MAT KAFFISSTUFF	FRAEN A MAMMEN
19.04.2003	SAMSDEG	OUSCHTEREEËRVERKAF	JUGEND
01.05.2003	DONNESCHDEG	1.MEEFEIER	D'VERÄINER
01.05.2003	DONNESCHDEG	TOURNOI DES JEUNES	FOOTBALL
04.05.2003	SONNDEG	1.KOMMUNIOUNSFIEIER	PORGEMEINSCHAFT
05.05.2003	MÉINDEG	GENERALVERSAMMLUNG	JUGEND
20.05.2003	DËNSDEG	OCTAVE	PORGEMEINSCHAFT
07.06.2003	SAMSDEG	NIGHT BASKET	BBC SCHIEREN
07.06.2003	SAMSDEG	HÄMMELSMARSCH	MUSEK
08.06.2003	SONNDEG	HÄMMELSMARSCH	MUSEK
14.06.2003	SAMSDEG	MAMMENDAGSFIEIER	GAART AN HEEM
15.06.2003	SONNDEG	SUMMERFEST	TURNVERÄIN
21.06.2003	SAMSDEG	QUIZOWEND	BBC SCHIEREN
22.06.2003	SONNDEG	FRONLEICHNAMPROZESSIOUN	PORGEMEINSCHAFT
22.06.2003	SONNDEG	FÊTE POPULAIRE	COMM. DES ÉTRANGERS
23.06.2003	MÉINDEG	NATIONALFEIERDAG	GEMENG
27.06.2003	FREIDEG	GENERALVERSAMMLUNG	FOOTBALL
29.06.2003	SONNDEG	SUMMERFEST	MUSEK

(SOURCE :FESTKALENNER VUN DER KULTUR AN FESTKOMMISISION)

